



Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, à la question parlementaire n°1735 du 7 janvier 2025 de Madame la députée Corinne Cahen et de Monsieur le député Luc Emering au sujet de l'utilisation de la chaleur produite par les centres de données

Aus de reegelméissegem Echangë mat den Acteuren aus dem Secteur vun den Datenzentere geet ervir datt deelweis d'Ofwäermt scho genotzt gëtt an datt et Potential gëtt fir weider Projeten an deem Sënn. Zum Beispill gëtt vu LuxConnect zu Beetebuerg, wou net wäit vum Datenzenter e Bauprojet entsteet, envisagéiert Ofwäermt ze notze fir nei Gebaier ze hëtzen. Op sengem Site zu Biissen notzt LuxConnect d'Ofwäermt vun der Kiowatt Anlag déi direkt niewendrun ass, fir hir Serveren ze killen.

D'Projete vun de Supercomputere Meluxina AI a Meluxina Q wäerten a bestoenden Datenzentren hebergéiert ginn.

Mat der neier Energieeffizienz-Direktiv gi verschidden Obligatioune fir gréisser Datenzentren agefouert, wat de Monitoring, de Reporting an d'Notze vun der Ofwäermt duerch d'Datenzentre selwer, oder duerch aner Acteuren an der Ëmgéigend, betrëfft.

Grondsätzlech stellt d'Ofwäermt vu Rechenzentren déi nach net genotzt gëtt a wou e Besoin fir Wäermt an der Ëmgéigend besteet en interessant Potential duer. Eng quantitativ Schätzung op nationalem Niveau läit aktuell net vir. Op Basis vun den zukünftigen Ufuerderungen a punkto Monitoring an Notzung vun Ofwäermt, wäerten d'Donnéeën zum Ofwäermpotential vun Datenzentren an de nationale Wärmekadaster agespeist ginn a wäerten dann am Kader vun der Wäermeplanung op kommunalem an nationalem Niveau zur Verfügung stoen.

Luxembourg, le 03/02/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles